Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/07/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Famill an Integratioun, Kommunikatioun a Medien & Gläichheet tëscht Fraen a Männer weiderzeleeden.**

D'Piraten hunn an der parlamentarescher Ufro n°880 d'Regierung gefrot, wéi eng Datebanken insgesamt beim Staat existéieren a wéi eng Donnéeën hei gespäichert ginn. Et ass mir awer een Uleies komplementär dozou an am Kader vun den LGTBIQ-Rechter ze froen, ob an iergendenger vun den Datebanken beim Staat Donnéeën iwwert d'sexuell Orientéierung vun den agedroene Persounen opgefaasst sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ginn et Datebanken beim Staat, an deenen d'sexuell Orientéierung vun den agedroene Persounen als Kategorie opgefaasst ass? Falls jo, a wéi engen Datebanken ass dëst de Fall?

2. Falls Informatiounen iwwert d'sexuell Orientéierung vu Persoune an staatlechen Datebanke existéieren, ass d'Regierung der Meenung, dass d'Späichere vun dësen Informatiounen an ëffentlechen Institutiounen an Administratiounen vu Relevanz a Noutwennegkeet ass?
    - Falls jo, a wéi enge Fäll ass d'Späichere vun dësen Donnéeë relevant a noutwenneg?
    - Falls nee, ass d'Regierung bereet eng Revisioun vun allen Datebanken duerchzeféieren an d'Informatiounen, déi op eng sexuell Orientéierung hindeiten, ze läschen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député